N°4884
Reçue le 20.08.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.08.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 20. August 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet an un den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Mat dem Gesetz vum 18. Juli 2018 iwwer d'groussherzoglech Police goufen an dëser Verwaltung eng Rei nei Karriären am Policekader geschafen, notamment am Gehaltsgrupp B1, wou säithier och massiv rekrutéiert gëtt. Bei der Aféierung vun dem Gehaltsgrupp B1 sinn d'Primmen op respektiv 12 Gehaltspunkte pro Mount fir d'Astreinte, a 15 Gehaltspunkte pro Mount fir de Régime militaire festgeluecht ginn. Am Géigesaz dozou sinn des Primme fir d'Gehaltsgruppen C1 vum Policekader op respektiv 22 Gehaltspunkte pro Mount fir d'Astreinte, a 35 Gehaltspunkte pro Mount fir de Régime militaire festgeluecht.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi erklären di Häre Ministeren d'Differenz an der Héicht vun deenen zwou Primmen, déi insgesamt ëmmerhin 30 Gehaltspunkte pro Mount ausmécht, wann ee bedenkt, datt d'Beamten aus de genannte Gehaltsgruppe vum Policekader exakt di selwecht Postebeschreiwung hunn an am selwechte Policeauto op de selwechten Asaz fueren?
2. Wann ee bedenkt, datt d'Beamten aus dem Gehaltsgrupp B1 vum Policekader manner wéi d'Hallschent vun de Primme kréien, wéi d'Beamten aus dem Gehaltsgrupp C1 vum Policekader, wéi eng Astreinte, a wéi ee Risiko mussen d'B1-Karriären manner op sech huelen, ewéi C1-Karriären?
3. Ass et net sou, dass d'Astreinte an de Risiko fir d'Beamten aus béide Gehaltsgruppen (B1 an C1) vum Policekader identesch sinn, an eng Differenz an deene Primmen net ze justifiéieren ass?
4. Gesinn di Häre Ministeren hei net de Risiko vun engem Verstouss géint de Gläichheetsprinzip, wéi en am Artikel 10bis vun eiser Verfassung verankert ass?
5. Wéi gedenken di Häre Ministere virzegoen, fir des ongläich Behandlung vu Bierger an enger vergläichbarer Situatioun ze behiewen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten